



ass, heiansdo Partner beieneenzebréngen. Mir haten eng Aktioun am Cap-Vert, wou mer dat probéiert haten. Och dat huet eng ganz laang Zäit gebraucht, fir et en place ze setzen. Mä natierlech, all Projet kënnen mer am Fong eng Kéier duerchdiskutéieren. Also, ech wëll op jidde Fall net soen, dass een et net mécht. Mä et muss ee kucken, wéi d'Méiglechkeete sinn an och wéi d'Partner an dese Beräicher an d'Länner virun allem spezifesch matenee kënnen fonctionnéieren.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Minister. Si soss keng Froe méi? Neen, et ass gutt.

Villmools Merci, Här Minister, fir déi zousätzlech interessant Informatiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, eise President hat virdru proposéiert, dass mer all d'Votte géifen op muer verschiben, well verschidde Kolleegen aus bekannte Grënn net hei sinn. Dat heescht, déi Motioun hei vun der ADR gëtt dann och muer de Mëtte behandelt.

Mir wären elo mat dësem Thema fäerdeg. Mir kommen elo op en anert Land, wat och ganz gebeutelt ass: de Jemen. Et war ganz laang e ganz stabillt Land, well soss hätt d'Cargolux do net zu Sanaa d'Haaptëmschlagsplaz gehat während bal 30 Joer. Elo sinn d'Kriegshären do, déi regéieren, d'Sunniten an d'Schiiten, déi sech dauernd an der Woll leien, an net nëmmen an der Woll leien, mä eng riseg humanitär Kris provoziert hunn, wou haaptsächlech d'Kanner drënner leiden. Et hunn Epidemien. An ech mengen, et gëtt Matière genuch fir dës Motioun.

Ech géif direkt dem Kolleeg Laurent Mosar d'Wuert ginn, fir eis nach d'Motioun virzustellen.

7. Motion de M. Laurent Mosar relative à la crise humanitaire en République du Yémen

Dépôt et exposé

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *auteur*.- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci, Dir hutt mir scho bal d'hallef Motioun hei virgestallt.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ech hu se net gelies, mä ech kennen d'Land gutt.

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *auteur*.- Dir kennt d'Land gutt, dat ass wonnerbar. Ech wëll awer fir d'Éischt soen, dass ech déi Motioun am Numm vun der Madamm Nancy Arendt a mer selwer mat der ganz aktiver Mathëllef vun eise President vun der aussepolitichescher Kommissioun, dem Marc Angel, deem ech och extra wëll e Merci soen derfir, hei deposéieren an herno op e ganz grouss konsensuelle Vott hopen.

Déi humanitär Situatioun, an ech mengen, dat ass lech alleguerte bewosst, am Jemen ass eng absolutt Katastroph. Méi wéi 20 Milliounen Mënschen, ënner hinnen 11 Milliounen Kanner, brauchen, Dir Dammen an Dir Hären, dréngend humanitär Hëllef. Den Alarmruff, deem déi lescht Woch vu verschiddenen internationalen ONGen, awer och haaptsächlech vun Agencé vun der UNO lancéiert ginn ass, weist eigentlech, wéi dramatesch déi Situatioun an dësem Land ass.

Neutral Observateure schwätze schonn haut vun der schëmmster humanitärer Kris op eise Planéit an d'Gefor vun enger histoischer Hongersnout gëtt all Dag méi grouss. Derbäi kënnt, dass de Jemen strukturell ofhängeg ass vum Import vu Liewensmëttel a Medikamenter.

Madamm Presidentin, firwat dës humanitär Kris? Do gëtt et virun allem eng Explikatioun, näamlech déi sougenannten humanitär Blockad, déi vu Saudi-Arabien imposéiert gëtt, wat eigentlech eppes ass, wat ee sech iwwerhaapt net ka virstellen. Virun enger Rei Deeg hat een d'Gefill, et géif do zu enger liichter Opweechung vun där Blockad kommen. Haut war awer schonn erëm ze liesen, dass Saudi-Arabien dee Spalt vun der Dier, deem et ganz kleng opgemaach hat, elo schonn erëm zougemaach huet, soudatt keng Besserung an deenen nächsten Deeg a Wochen a Siicht ass.

Hei muss ee wëssen, an ech wëll dat och nach eng Kéier ënnersträichen, dass Riad fälschlecherweis behaupt, déi humanitär Kris kéinten optimal ze geréieren duerch Aktiounen vun hirem Centre humanitaire, deem dem Kinnek Salman direkt ënnerstallt ass. Wann een awer d'Echoe vun den ONGen op der Plaz héiert, schéngt et esou ze sinn, dass déi saudie-

arabesch Regierung mat hirem Centre humanitaire déi Kris iwwerhaapt net geréiert kritt, well se, an ech mengen, dat ass eng Explikatioun, jo och keen neutralen Akteur hei ass, mä si ass u sech Partie prenante an engem Konflikt a si gëtt en plus accuséiert, an dësem Land Krichsverbrieche ze begoen.

Madamm Presidentin, erlaabt mer vläicht e puer Wieder, fir awer op den Hannergrond vun dësem Konflikt anzegoen, deem oft, an net zu Onrecht, als e Stellvertrederkrich tëschent dem éischter sunnitesche Saudi-Arabien an dem schiiteschen Iran beschriwwen gëtt. D'Situatioun ass - fir déi Leit, déi dat interesséiert - allerdéngs wesentlech méi komplex an dréit virun allem ëm lokal Begebenheeten.

Saudi-Arabien huet sech eigentlech militäresch engagéiert, fir déi Regierung, déi aus dem Printemps arabe, der Revolutioun vun 2011, erausgaangen ass, ze ënnerstëtzen. D'Campagne huet dann och haaptsächlech doranner bestanen, d'Rebellioun vun den Huthien, déi vum fréiere President Saleh ënnerstëtzt ginn ass, weider ze ënnerstëtzen. An do ass et, dat hutt Der och vläicht matkritt, virun e puer Deeg zu engem Changement d'alliance komm. Dee fréiere President huet d'Säite gewiesselt, wat dann als Konsequenz hat, dass en net méi spéit wéi gëschter op eng ganz duteuse Manéier ëmbruecht ginn ass.

Et muss een och wëssen, dass déi Huthien zumindest passiv vum Iran ënnerstëtzt ginn an och als Alliéiert vum Iran consideréiert ginn. Wat elo de saudie-arabeschen Engagement am Jemen ugeet, muss ee kloer gesinn, dass den aktuellen Ierfpräenz, de Mohammed bin Salman, u sech seng Accessioun op de Rang vum Verdeeedegungsminister am Januar 2015 eigentlech wëllt oder wollt duerch dese Krich legitiméieren.

Op där anerer Säit schéngt et awer och esou ze sinn, dass muss een och korrekterweis ënnersträichen, dass den Iran bis elo éischter eng begrenzte Roll am Jemen spillt a weder bombardéiert nach Zaldoten an dat Land geschéckt huet. E finanziellen an techneschen Appui fir d'Huthien ass zwar wahrscheinlech, mä ass awer net um Ursprung vun der Rebellioun. Et muss een also hei ganz kloer tëschent Ursaach a Wierkung ënnerscheeden.

Wat awer de groussen Drama ass, dat ass, dass mer am Moment assistéiere bei engem Zesummebrüche vun der kompletter jemenitescher Gesellschaft, dat riskéiert, ganz seriö Konsequenze fir d'Gesamtregioun an domadder och fir d'Sécherheet an de Friden an der Welt ze hunn. Da muss ee wëssen, dass dës humanitär Kris wéi all humanitär Krisen - a mir hunn de Mëtteg ganz vill dovu geschwat - ganz seriö Refugiésfluxe wäert mat sech bréngen. Bis elo solle scho méi wéi 400.000 Jemeniten d'Land verlooss hunn.

En plus kënnt derbäi, dass dschihadistesche Gruppen amgaange sinn, sech hei niddleze-loossen, an et ass och net ausgeschloss, dass den Islamesche Stat versicht, deen Territoire zumindest deelweis ënner Kontroll ze kréien.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wat awer vill Leit a mech och ganz besonnesch an dësem Konflikt stéiert, ass d'Attitud vun der internationaler Communautéit, déi de Kapp nun awer hei komplett an de Sand stécht! Mä dese Virwurf ass net nëmmen un d'Politik ze riichten, mä generell och un déi vill international Medien, déi eigentlech ganz, ganz weíneg iwwert dese Konflikt berichten. Mä vill méi wéi e verstoppten ass dëst eigentlech en ignoréierte Krich, well vill vun deene westleche Chef-d'Étaten a Regierungsvertreder sech eigentlech iwwerhaapt net wëlle mat dësem Konflikt a Krich ausreinesetzen.

Esou muss ee sech eigentlech virun allem emol d'Fro stellen, wéi et iwwerhaapt zu där Politik hei komm ass a wéi et iwwerhaapt och hei zu gewëssenen Allianze komm ass. A wann ee sech méi genau mat den Ursaachen hei beschäftegt, da kënnt een awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, net derlaanscht, déi abenteuerlech Strategie vu Saudi-Arabien an och zum Deel vun den Arabeschen Emirater hei ze hannerfroen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Mosar, entschëllegt, wann ech gelift...!

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *auteur*.- An ech mengen, dass mir wierklech net derlaanscht kommen, endlech och hei Drock op Saudi-Arabien an och op d'Emirater auszeüben, well déi dote Politik ass einfach net akzeptabel.

Ech sinn direkt fäerdeg, Madamm Presidentin!

Ech mengen, dass et awer e wichtegen Thema ass, deem et och noutwendeg mécht, dass ee sechs Minutten amplaz fënnf Minutten zegutt huet.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Et ass gutt.

► **M. Laurent Mosar** (CSV), *auteur*.- Ech wëll och hei soen, dass et awer wichteg ass, dass déi Mainstreampolitik eng Kéier hei a Fro gestallt gëtt. Och, a loosse mer eis näischt virmaachen, wann dat riskéiert, op d'Käschte vun enger Rei vu Waffeverträge ze goen, déi verschidde westlech State mat Saudi-Arabien ofgeschloss hunn.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer, an ech ginn emol dovun aus, dass dat och d'Meenung vun alle Kolleeginnen a Kolleegen an dësem Haus ass, ass et einfach schockant an net akzeptabel, dass hei Honnerttausende vu Mënschen Honger leiden, Kanner duerch Bomben ëmkommen an ëmmer méi Mënschen u mëttelalterleche Krankheete wéi Cholera stierwen.

Déi international Communautéit, an dozou gehéiert och eist Land, Här Angel,...

(Interruptions)

...dierf d'Aen net méi laang zoumaachen. Et mussen hei endlech Konsequenze gezu ginn.

(Interruption)

An duerfir wären d'Madamm Arendt an ech selwer frou, wann eis Motioun vun enger méiglechst grousser Majoritéit an dësem Haus géif matgedroe ginn. Et geet näamlech hei a leschter Linn net ëm Geopolitik, et geet net ëm Reliounskonflikter, et geet net ëm Wirtschaftsinteressen, mä et geet hei ëm déi international Solidaritéit an elementar Mënschlechkeet. An duerfir mengen ech, andeem mer de Mëtten alleguerten dës Motioun stëmmen, kënnen mer an deem Sënn och e wichtegt Signal als lëtzebuergesch Chamber ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Ënnerstëtzung a fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix**.- Très bien!

Motion

La Chambre des Députés,

- rappelant que le 25 mars 2015, une coalition régionale menée par le Royaume d'Arabie saoudite a commencé une campagne aérienne contre le mouvement houthiste en République du Yémen, déclenchant ainsi un conflit armé de plus en plus meurtrier;

- constatant que le précité conflit armé s'est développé aujourd'hui, notamment en raison du blocus imposé par la coalition dirigée par Riyad, en une crise politique et humanitaire majeure, la population civile étant piégée entre les deux parties belligérantes;

- s'inquiétant surtout du fait que ladite crise humanitaire risque de s'étendre en une des plus graves famines de ces dernières années avec, selon l'ONU, des millions de victimes potentielles, même si le blocus commence très lentement à se fissurer sous la pression internationale (atterrissage de seulement quatre avions de l'UNHCR, de la Croix-Rouge et de l'Unicef le samedi 25 novembre 2017);

- condamnant avec fermeté tous les crimes de guerre commis au Yémen et soulevés entre autres par «Amnesty International» et par d'autres ONG humanitaires;

- rappelant que la crise du Yémen est à mettre dans le contexte d'une nouvelle stratégie géopolitique de confrontation de l'Arabie saoudite, pratiquée depuis l'arrivée au pouvoir du Roi Salman en janvier 2015, pour endiguer l'influence de l'Iran au Moyen-Orient;

- rappelant que le Luxembourg a déjà accordé une aide humanitaire pour 2017 à hauteur de 1.800.000 d'euros lors d'une conférence internationale des donateurs à Genève en avril 2017,

invite le Gouvernement

1. à intensifier d'urgence l'aide humanitaire du Luxembourg à la population civile du Yémen,

2. à s'engager tout autant politiquement et diplomatiquement pour trouver une solution rapide et durable au désastre humanitaire et à la famine annoncée par l'ONU,

3. à intervenir auprès du Conseil et de la Commission européenne afin de trouver des solutions politiques et diplomatiques au violent conflit armé et au blocus instauré par Riyad, évitant ainsi l'effondrement du Yémen et permettant l'accès de la population civile à l'eau, à la nourriture, aux médicaments et à l'aide humanitaire,

4. à s'engager pour mettre la crise du Yémen à nouveau à l'ordre du jour du Conseil de sécurité des Nations Unies afin d'augmenter la pression internationale tout en désamorçant les tensions entre Riyad et Téhéran et en proposant des solutions englobant toutes les parties de cette «guerre oubliée» (Al).

(s.) Laurent Mosar, Claude Adam, Marc Angel, Nancy Arendt, Gusty Graas, Fernand Kartheiser, David Wagner.

(Interruption)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Mosar. Et war, wéi gesot, e bësse laang. Mä wéi gesot, d'Votte ginn all muer gemaach.

Elo komme mer zu dem nächsten Thema. Dat ass de Projet de loi, de leschte Punkt, dee mer um Ordre du jour hunn.

(Concertation interne)

Zu der Motioun, ech mengen, si gëtt vun all Mënsch gedroen. Ech huelen net un, dass nach iergendeen do wëllt extra Kommentare maaachen zu der Motioun vun dem Här Mosar.

► **Une voix**.- Dach!

(Interruptions)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Angel, zu der Motioun vum Här Mosar, wëllt Der kuerz...? Okay, ech gesi soss keng Fanger méi. Et ass wéi Der wëllt. De System ass esou, dass Der, wann Der eppes wëllt soen zum Jemen, ass et lech fräi, ier Der Äre Rapport zu deem aneren ufänkt. Ech spieren, dass Der wëllt eppes soen.

Discussion générale

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Zu der Motioun wëll ech just soen: Mir hate se de Méindeg an der Kommissioun. An ech si frou iwwert deen éischten Tiret, wou d'Regierung invitéiert gëtt, hir Aide humanitaire eropzesetzen, an dass de Minister do jo gesot huet, e géif eng Millioun méi ginn. Ech mengen, dat ass ganz wichteg. An déi Motioun ass an der Kommissioun de Méindeg jo kuerz ugeschwat ginn. An ech hunn och mam Ausseminister geschwat a mat senge Leit. Déi fannen et gutt a wäerte sech asetzen um europäesche Plang an och um Plang vun de Vereenten Natiounen, fir déi do ten Thematik net ënnert den Teppech ze kieren.

Dat gesot zu der Motioun. Wann Der mer dann d'Wuert gitt fir deen nächste Projet, Madamm Presidentin.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci. Jo, den 7143, Unicité de personne, dann als Rapporteur hutt Der direkt d'Wuert fir d'Modifikatioun vum Gesetz vum 6. Februar 1996 iwwert d'Kooperatioun an d'Action humanitaire.

Ausser den Här Minister wëllt och nach eppes soen zum Jemen?

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Ma neen, ech mengen zur Motioun effektiv. Ech mengen, ech hunn déi eenzel Tirete gekuckt. Zu deenen enge selbstverständlech kann ech mech net direkt äusseren. Mir hunn et awer zesumme mam Ausseminister och ugeschwat an hie wäert sech asetzen an deenen eenzelne Punkten, déi Der do uschwätzt, fir effektiv och déi Reconnaissance an déi Wichtigkeet vun deem Punkt hei mat unzeschwätze respektiv och déi néideg Foren dann ze saiséieren.

Op där anerer Säit, de Punkt 1, do kann ech direkt eppes soen, dat hunn ech och während menger Ried gesot: Mir hu gëschter decidéiert, dass mer effektiv eng nei Hëllef vun enger Millioun Euro wäerte ginn, fir effektiv och humanitär Hëllef ze maachen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Villmools Merci. Mir huelen Akt dovun.

Sou, Här Angel, drëtten Ulaf fir de Rapport vum Projet de loi 7143.

8. 7143 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Ech mengen, Madamm Presidentin, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer all wëssen, participéiert Lëtzebuerg jo aktiv un all deenen internationale Prozesser, wou et ëm d'Qualitéit a virun allem ëm d'Effikassitéit vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht geet: Déclaration de Paris, Aktionsplang vun Accra a Partenariat vu Busan.

An dofir ass et och normal, dass mer dat Kooperationsgesetz vun 1996 regelméisseg modifizéieren an adaptéieren. 2004 hu mer dat gemaach, 2012 eng gréisser Modifikatioun, an am Projet de loi vun haut geet et erëm ëm eng weider Modifikatioun vun deem 96er Kooperationsgesetz. D'Zil ass et, wéi gesot, eis Aide publique au développement nach méi effikass ze maachen.

Am Kader vum Zukunftspak waren zwou Mesurë virgesinn. Dat waren d'Mesuren 29 an 30, wou ebe virgesi war, fir eis Hëllef, eis Entwécklungshëllef méi cibléiert op eis Partnerlänner ze fokusséieren a besonnesch méi ze hëllefen deenen äermste Länner, déi op der Lëscht



vum CAD si vun de Pays les moins avancés, déi sougenannt PMAen.

A virun allem ass et hei gaangen ëm déi Projeten, déi vun den ONGe kofinanzéiert ginn. Ech wëll awer..., den ass ganz wichteg ze ënnersträichen, dass et bei deenen deemolege Mesuren 29 an 30 ni ëm eng Spuermooßnam gaangen ass, well am Budget war ëmmer deeselwechte Montant fir d'ONGen ageschriwwen. Et gëtt also net ëm eng Kierzung.

Projeten, déi a ganz aarme Länner oder a Partnerlänner ënnerstëtzt ginn, kréien also méi Suen an dat huet och mat Cohérence des politiques ze dinn. An et ass jo och do, wou de CAD eis gelueft huet an der Peer Review, déi mer virdrun am Debat ugeschwat hunn.

Déi Ännerunge vun 2014 hunn natierlech bei verschiddenen ONGe fir Opreegung gesuergt. Eng ganz Rëtsch ONGen hu se ganz positiv ugeholl, anerer net. An do huet de Minister Schneider awer direkt derfir gesuergt, dass et zu engem breeden Dialog komm ass mat den ONGen. Et gouf eng Aarbechtsgrupp agesat. An no laangen Diskussiounen koom et dunn zu engem Kompromiss iwwert d'Prozentsatz vum Kofinanzement vun den ONGs-Projeten. An des Modifikatioun vun de Prozentsatz huet eng Ännerung ebe vun deem Kooperatiounsgesetz mat sech bruecht.

Deen neien Accord, deem do zustane komm ass, ass also an de Projet de loi ageschriwwen ginn an e gesäit identesch Tauxe vir vum Kofinanzement fir Aktiounen, déi Deel vun engem Accord-cadre sinn, oder fir Aktiounen, déi Deel vun engem einfache Kofinanzement sinn.

Weider gesäit deem Accord vir, dass et e Prozentsatz vun 80% gëtt fir Projeten an deenen am mannsten entwéckelte Länner an en eise Partnerlänner - 80% elo, virdru 75% -; e Prozentsatz vu 60% fir Projeten a Länner, déi net op der Lëscht vum CAD si vun de PMAen; virdru waren dat der 66%. Mä do hu mer eng Exceptioun am Projet agebaut fir eben déi Länner, fir déi Projeten, bei deenen et sech ëm Rechter vu Persounen handelt. Do ginn et weiderhin 80%.

Dee Kompromiss tëscht dem Minister a senger Mataarbechter an den ONGe gouf eng éischte Kéier iwwregens hei am Debat vun der Kooperatioun de 17. November 2015 virgestallt an eng zweete Kéier och am Dezember 2016 am Kader vun engem éischte Projet de loi 7082.

Du koom de Statsrot den 13. Dezember 2016 an hat eng Rei Opposition-formellen op deem Projet, well e gesot huet: „Dir kënnt déi Tauxen net a Reglementer aschreiwen, déi mussen an d'Gesetz ageschriwwen ginn.“ Dunn ass festgestallt ginn, dass dat ze komplizéiert géif ginn, fir dat Gesetz deemno ze änneren, an et ass carrement dee Projet zréckgezu ginn an deem neie Projet de loi 7143, iwwert dee mer haut ofstëmme, ass virgeluecht ginn.

Doropshin huet de Statsrot en zweeten Avis ofgi mat des Kéier nëmmen enger Opposition formelle, wou e gesot huet, dass den Artikel 4 géif dee Lëtzebuerger Deel an engem Projet net genuch..., also dass deem, deem als finanziellen Deel bäigesteiert gëtt, plus de finanziellen Deel, dee vun den ONGen zum Projet bäigesteiert gëtt, dass dat net zu enger Planungssecherheet géif féieren. Zum Gléck huet de Conseil d'État eng Propose de texte gemaach, déi mer an der Kommissioun och unanime ugeholl hunn, soudass mer net hu missen eng Navette bei de Statsrot maachen an dass deem Artikel elo deem entsprécht, wat de Conseil d'État gär hätt.

Wéi gesot, mir hunn nach aner Ännerunge gemaach, eng ganz Rëtsch Suggestiounen, déi de Conseil d'État gemaach huet. Mir hu se praktesch all ugeholl. Et ass elo spéit am Owend, ech wëll se net all opzielen. Wann awer een eng Fro hätt, kann ech awer dorop agoen.

De Rapport ass och an der Kommissioun ugeholl gi vun alle Fraktiounen, ausser der Sensibilité politique ADR, déi sech enthalten huet. An dofir géif ech och hei am Numm vun der LSAP den Accord zu deemem Projet ginn. An ech hoffen, dass déi aner Fraktiounen dat och maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Rapporteur Marc Angel. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV). - Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi kuerz Interventioun, déi ech maachen, maachen ech am Numm vu menger Fraktioun selbstverständlech, mä preparéiert gouf se vu menger Kolleeigin, dem Nancy Arendt.

Fir d'Éischt natierlech e Merci un de Rapporteur, de Marc Angel, fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien huet dat wéi ëmmer erëm mat grousser Begeescherung gemaach fir des Thematik, déi eis alleguerten um Härz läit.

An ech wollt och direkt soen, dass d'CSV desén Text, bei deem et jo e bëssen hin- an hiergoung, matdréit. Mir ënnerstëtzen d'Regierung och weiderhi bei der Kooperatiounspolitik, sief dat Projeten, sief dat Accords-cadres oder humanitär Hëllef en général, well d'est an enger gewëssener Kontinuitéit vun der Politik och vun deene viregte Regierunge geschitt.

Dese Projet huet keen Impakt op de Budget, dee fir d'Entwécklungshëllef virginn ass, nämlech deem 1% vum RNB, ee Seuil, deem zënter 2009 agehale gouf. Also och an de Krisejoren huet Lëtzebuerg säin Engagement hei kloer respektéiert, wat ee leider net vun alle Länner behaapte kann.

D'ONGe sinn a bleiwe fir Lëtzebuerg e ganz wichtegen Intermediaire an der Entwécklungshëllef, an der Entwécklungspolitik, iwwert déi mir eis Hëllef um Terrain gestalten. A si sinn an deene verschiddenste Gebidder op der Welt aktiv a leeschten eng bewonnernswäert Aarbecht. An duerfir ass et einfach wichteg, dass se vum Stat deementspreechend och ënnerstëtzt ginn.

Mir si frou, dass de Cercle de coopération mat der Regierung no de Mesuren am Zukunftspak vun 2014 een Accord fonnt huet, fir d'Repartitioun vum globale Budget an d'ONGen aneschtens ze verdeelen, ouni awer dass desén erofgesat ginn ass, wat eis als CSV extrem wichteg ass.

Mir fannen et och begrëssenswäert, dass et an der Zukunft esou ass, dass eis Partnerlänner, manner entwéckelt Länner oder Projeten, déi méi d'Rechter vun de Mënsche viséieren, besser ënnerstëtzt ginn a bis zu 80% vum Stat finanzéiert ginn, an all déi aner ee Kofinanzement vu 60% kréien.

Mir hunn et als CSV nach ëmmer wichteg fonnt, dass eng bonne Gouvernance muss promouvéiert gi fir eng effikass Entwécklungspolitik. An duerfir stëmme mir och dese Projet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Schank. Als nächste Riedner hunn ech den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas** (DP). - Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtten ass scho méi wéi eng Kéier op dee wichtige Rôle vun den ONGen higewise ginn. Effektiv war et am Kader vun Diskussiounen iwwert den Zukunftspak ze e bësselche méi animéierten Diskussiounen komm. Mä ganz kloer war ëmmer de Wëllen, fir op kee Fall d'Aarbecht vun den ONGen ze schmälere, ganz au contraire.

Ech mengen, hei ass elo e gudde Kompromëss fonnt ginn. Et sinn Tauxe festgehal, déi am Fong geholl déi ganz Politik méi transparent maachen. Mir sinn och frou, dass elo zum Beispill d'Lëscht vun de Beneficiairen och publizéiert gëtt, dat jo op Ureegung vum CAD. An dat heiten ass ee Gesetz, wat u sech elo d'Entwécklungspolitik nach méi zementéiert, wat den Aspekt vun den ONGen ubelaangt, déi, mengen ech, plus ou moins 16% vun der APD kréien. Dowéinst wäerte mir als Demokratesch Partei et selbstverständlech och hei ënnerstëtzen.

Ech profitéieren awer och nach vun der Geleeënheet, fir dem Marc Angel nach eng Kéier Merci ze soe fir seng verschidde Rapporten. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Merci, Madamm Presidentin. D'est Gesetz geet jo schons zréck op den Zukunftspak, wou drastoung, dass de Kofinanzement fir d'ONGe sollt geännert ginn. Et huet also eng Zäit gedauert, bis dass mer esou wäit waren, dass mer ee Gesetz hatten, dat mer hei kënne stëmme. Dat ass gutt, dass et esou laang gedauert huet.

Mir hatten eng Rei Etappen, wéi gesot Ausgangspunkt 2014. Et war net ganz glécklech, dass déi Mesure hei am Zukunftspak vun der Regierung war, well deem Zukunftspak ass jo vun der Oppositoun direkt als Spuerpak verannant ginn.

(Interruption)

An dat huet zumindest am Beräich vun der Kooperatiounspolitik, an ech mengen, Här Wagner, do gitt Der mer och recht, am Beräich vun der Kooperatiounspolitik hat dat awer absolut net zougetraff.

Den Text ass säi Wee gaangen. An duerfir kënne mer dann haut dat Gesetz votéieren. Positiv am Gesetz ass, dass no enger éischter Panik, an zwar nom Depot vum Zukunftspak, de Cercle an de Ministère sech un den Dësch gesat hunn an zesummen an a Kompromëssbereitschaft en Text formuléiert hunn, mat deem jiddwereen zefridden ass. A positiv ass, dass eng Mënscherechtsapproche hire Wee an d'Gesetz fonnt huet. Ech hat dat och an der Debat gesot.

D'est erlaabt och weiderhin e Kofinanzement vun 80% fir Projeten an Net-PMAen. An dat ass wichteg, well mer eis éischters fir d'Mënscherechter wëlle staarkmaachen, an zweetens well eis ONGe mat spezifesch Bevëlkerungsgruppen an net mat Länner schaffen. Wichteg Projeten an Net-PMAe kënne esou och weiderhi maximal vum Stat ënnerstëtzt ginn.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ausdrécklech ënnersträichen, dass mir mat deene véier Formen vun effentlecher Entwécklungshëllef d'accord sinn a se och wierklech guttheeschen.

Mir hunn engersäits déi bilateral Kooperatioun, wou mer direkt mat Partnerlänner schaffen.

Mir hunn déi multilateral Kooperatioun, déi fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg en däitlecht Zeechen no baussen ass, dass mir am Kader vun eise Méiglechkeeten eis finanziell un internationale Projeten an Organisatiounen bedeelegen.

Drëttens, d'Zesummenaarbecht mat den ONGen. Ech mengen, dass nach vu jiddwereengem als gutt a wichteg erwänt ginn. Mir brauchen hir Experienz a mir brauchen hir Ënnerstëtzung an hiren Engagement. Dat ass e wichtegt Standbee vun eiser Entwécklungspolitik.

A véiertens, schlussendlech hu mer och nach den humanitären Asaz, deem eis et erméiglecht, schnell op Katastrophen ze reagéieren, wéi mer och nach elo am Jemen kënne schnell reagéieren.

Da bleift mer nach just dem Rapporteur Merci ze soe fir säi Rapport a fir seng gutt Aarbecht an d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deemem Projet de loi ze bréngen.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng). - Exzellent!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, och e puer Wuert vun eiser Säit. E grouse Merci un den Här Angel, éischters, fir d'Presentatioun vum Rapport.

Mir wäerten dat heiten net matstëmme. Mir hatten den Zukunftspak net gestëmmt. Dat hei ass jo en Deel Ëmsetzung vun deem Zukunfts- oder Spuerpak a mir ginn och net den Aval fir eng Moosnam, déi aus dem Zukunftspak eraus entsteet, zemoos well mer eis froen: Ass dat dann iwwerhaupt elo nach néideg, déi Moosnam?

Mir hatten en Zukunftspak, deem d'Regierung jo an enger Situatioun geholl huet, wou se nach am Ufank vun der Legislaturperiod wollt spueren. Am Abléck ass se jo op enger ganz anerer Schinn. Mir hunn eng rapid Entwécklung vum Defizit am Statsbudget. Mir hunn eng ganz staark expansiv Budgetpolitik vun der Regierung. An trotzdeem gi mer elo nach hin a setzen zum Deel Moosnamen ëm, déi nach aus dem Spuerpak kommen. Dat schéngt eis eng logesch Kontradiktioun ze sinn.

Mä mir als ADR hunn Neen zum Zukunftspak gesot, deem eng ganz Rei vun ongerechtfertegte Spuermooßnamen dran hat. A mir soen och Neen zur Ëmsetzung vum Spuerpak, och wa se e puer Joer méi spéit kënnt.

Eng zweet Observatioun, dass ass déi Terminologie, déi hei benotzt gëtt. Dat war ganz interessant. Mir hatten dat an der Kommissioun gesinn, dass eng Terminologie benotzt gëtt, déi zum Deel aus enger OECD-Nomenklatur kënnt. An do gëtt net méi geschwat vun den „Droits de l'homme“, mä vum „Droit de la personne humaine“. Dat ass awer e Risenënnerscheed! D'Personne humaine ass eng juristesche Kategorie. Wéini ass een eng Persoun? Wéini huet een d'Rechter vun enger Persoun? Ass een eng Persoun eréischt wann ee gebuer ass? Huet ee scho virdrun d'Rechter vun enger Persoun?

Mir schwätze vu Mënscherechter, well de Mënsch ass fir eis e Wiese mat senger Rechter vum Moment vun der Empfängnis u bis zur Sekonn vu sengem natierlechen Doud. A mir wäerten net ufänken, duerch juristesche Ënnerkategorien iergendwéi Aschränkungen am Konzept vun de Rechter vum Mënsch ze akzeptéieren.

Eng drëtt Saach ass, dass an deem Gesetzesprojet, wéi dann déi Sue sollen ausgi ginn, wat als Projet berücksichtegt ka ginn, op Lëscht vu Beispiller zréckgegraff ginn ass. Och dat ass eppes, wat mir kritiséieren, well all Kéiers, wann ee Lëscht vu Beispiller mécht, da stellt sech d'Fro: Wat ass dann, wann ee wëll e Projet ënnerstëtzen, deem elo grad net bei deene Beispiller steet? Dat ass den Nodeel vun der exemplativer Approche, dass ass keng gutt Technique législative. Mir hatten eis eng allgemeng Formulierung gewünscht, wou eben déi do Ambiguitéiten oder Onsécherheeten net kënne opkommen.

Awer et ass nach eppes interessant, an domadder halen ech op. Eent vun deene Beispiller vun esou Projeten, déi hei zitéiert gi sinn, dass ass, dass Projekte kënne envisagéiert ginn, déi sech géint d'Traite des êtres humains adresséieren. Eng gutt Saach! Selbstverständlech si mer alleguer géint d'Traite des êtres humains, de Mënschenhandel.

Ech wëll awer hei betounen, dass och hei eng Inkohärenz an der Regierungspolitik besteet. Et gëtt am Abléck an der Commission juridique e Projet de loi viberet, op Initiativ ursprénglech vum Justizminister, fir dass eng GPA iwwer Ëmweeër hei zu Lëtzebuerg, e Kand aus enger GPA iwwer Ëmweeër hei zu Lëtzebuerg kann e legale Statut ginn. An ech wëll betounen, dass eng Leihmutterchaft mat engem Abandon d'enfant an herno enger Legaliséierung vun där Praxis zu Lëtzebuerg och eng Form vu Mënschenhandel ass, an dass doduerch hei eng Kontradiktioun besteet, wou an der Entwécklungshëllef mat Recht géint d'Traite des êtres humains virgaange gëtt.

Mir erwaarden eis awer am Beräich vun der Filiatioun, vum Respekt virum Mënsch, virum Kand a senger Ofstamung a sengem Recht drop, seng Originen ze kennen, deeselwechten Engagement géint de Mënschenhandel. An dee vermësse mir bei deser Regierung komplett.

Ech soen lech Merci.

(Interruptions)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Kartheiser. Ech mengen, mir kommen nach dorop zréck.

Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk). - Merci, Madamm Presidentin. Ech faasse mech och kuerz.

(Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Sou, wann ech gelift, den Här Wagner huet eleng d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk). - Neen, fuert weider!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Neen, et ass gutt.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng). - Normalerweise muss een dat awer...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Madamm Loschetter, wëllt Der eppes soen?

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng). - Jo, ganz kuerz, wann den Här Wagner erlaabt. Ech wollt elo net weider kommentéieren, wat hei elo grad gesot ginn ass. Ech wollt just hei nach eng Kéier ënnersträichen, fir dass mer an der Korrektheet bleiwen, dass am Projet de loi iwwert d'Filiatioun betreffend d'GPA drasteet, dass d'GPA zu Lëtzebuerg wäert verbuede ginn, wat de Moment net de Fall ass, well mer de Moment keng Juridictioun hu par rapport zu der GPA. Et ass virgesinn, dass d'GPA hei zu Lëtzebuerg verbuede soll ginn. Merci. An domadder wëll ech kengem Kommentar méi entgéintrieden, mä ech wollt dat präziséieren, well dat effektiv dat ass, wat mer ausgeschafft hunn an der Commission juridique.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci.

(Interruptions diverses)

Wann ech gelift! Ech géif mengen, mir géifen deem Debat do an enger anerer Enceinte féieren. Wéi gesot, dee Projet, deem ass jo wierklech en gestation, a mir kommen nach dorop zréck.

(Brouhaha général)

Elo fuere mer erëm eng Kéier an eiseem Projet 7143 virun. Ech ginn elo dem „Déivid“ Wagner



als leschtem ageschriwwene Riedner d’Wuert. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin.

(Brouhaha et interruption de la présidence)

Ech mengen, ech wäert bis zum Enn vun dëser Legislatur „Déivid“ heeschen. Mä et ass net schlëmm.

(Hilarité)

Jo, bon. Et ass richtig, datt also jo an deem sougenannten Zukunftspak déi Mesuren dra waren, deem sougenannten Zukunftspak natierlech. Mir géifen deen och als Spuerpak bezeechnen. Quitte datt et richtig ass, datt et bei deem Punkt net ëm d’Spure gaangen ass.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Et ass ursprénglech souguer éischter ëm egal wat gaangen.

(Brouhaha général, interruption et hilarité)

Et hat gutt ugefaangen! Et hat gutt ugefaangen! Mä neen, fir ganz seriö ze sinn...

(Interruptions)

Mä dat war vläicht am jugendleche Leichtsinn vun der...

(Coups de cloche de la présidence)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift, elo e bëssen Disziplin! Den Här Wagner hu et eleng d’Wuert. Här Wagner, wann ech gelift!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Also, d’ONGe waren erschreckt...

(Interruptions)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Dir sidd erëm all waakreg!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- D’ONGe waren erschreckt iwwert d’Propositionen. Jo, mä et hänkt dovunner of. Déi, déi vläicht och Terrainsaarbecht maachen an e bëssen eppes aneres maache wéi e Pëtz ze bauen, wësst Der, an déi vläicht e bësse méi interessant Aarbecht maachen, déi ware ganz erschreckt. A verschidener hätten och kënne ganz einfach verschwannen, muss ee ganz einfach soen!

Ech weess net, ob dat gewosst war, ganz am Ufank. Et ass e bësse wéi bei der Reform och am Ufank am Spuerpak iwwert d’Pressehëllef, do wou och ech weess net wéi vill Zeitunge verschwonne wieren. Bon, okay, dat ass Vergaangenheet. Den Zukunftspak ass Vergaangenheet, glécklecherweis.

Mä ëmmerhin, do sinn awer Saachen esou komm, wéi zum Beispill eben déi Mä, fir ze soen: „Jo, et ass besser, méi an d’Pays les moins avancés ze investéieren, well dat si jo déi ärmste Länner.“ Mä a Wierklechkeet mécht dat vun engem Point de vue développement net onbedéngt vill Sënn, well Dir kënnt och an engem Land, wat offiziell keen, laut Kritär vun der OCDE, kee Pays le moins avancé ass, trotzdem Situatiounen hu vun immens schlëmmem Misär oder Marginaliséierung.

Zum Beispill Indien, et si jo vill Lëtzebuurger, déi och bei Enfants d’Inde (veuillez lire: Aide à l’Enfance de l’Inde) oder esou weider do matmaachen, Indien ass kee Pays le moins avancé, et ass souguer eng Weltraummuecht, mä anersäits ass et awer esou, datt Der Situatiounen hutt, an dat weess jiddwereen, an Indien, wou wirklech ganz schlëmm Aarmut herrscht, well immens grouss Inegalitéiten an deem Land sinn.

Dat heescht, dat ass eng demagogesch Approche, fir ze soen, et mist ee méi investéieren an d’Pays les moins avancés, well et geet jo net ëm Staten. D’ONGen, déi schaffe jo net mat Staten zesummen, mä mat Populatiounen. Dir kënnt jo och eng Grenzregioun hunn: Togo, Ghana, Ghana ass kee Pays le moins avancé, Togo ass eent. D’Populatiounen an der Grenzregioun sinn déiselwecht, mä se géifen dann anescht erschreckt ginn. Dat mécht guer kee Sënn.

Dofir wollt ech soen, dass egal wat am Ufank wirklech och ugeduecht gi war. Frais administratifs, et ass och einfach, virun d’Press ze goen an ze soen: „Mä d’ONGen, déi mussen awer méi um Terrain schaffen, a mir wäerte méi Terrainsaarbecht ënnerstëtzen wéi Frais-administrativen ënnerstëtzen.“ Dat ass einfach gesot, wann een net onbedéngt weess, wat ONGs-Aarbecht ass. De Problem ass, datt meeschtens d’ONGen, och souguer kleng ONGen, ëmmer méi Berichter mussen maachen, ëmmer méi Bürokratie mussen maachen. An dofir brauch een och Leit, déi an engem Büro schaffen, déi

och déi Formatioun hunn, déi bürokratesch Aarbecht maachen an déi Projeten ausschaffen. An déi ass genau sou wichteg wéi d’Saach um Terrain. Dat heescht, an dat war jo am Ufank esou virgesinn, fir deen Taux erofzesetzen.

(Interruption)

Deen ass jo och nach... Jo, ëmmerhin! Deemno wéi, mécht dat vill aus! Deemno wéi, mécht dat vill aus! Deemno wéi kann dat schonn eng hallef Plaz si bei gewëssenen ONGen. Et si verschidden ONGen, déi si ganz rosen doriwwer gewiescht, an déi Negociatioun hu et hinnen och immens vill u Misär kascht u sech a Wierklechkeet. Also et hätt ee kënne verzichte quasiement op déi Reformen, well fir ze negociéiere mat der Regierung...

Ech mengen, d’Regierung war sech am Ufank deem net bewosst, well ech mengen net, datt dat gewollt war, fir esou wäit ze goen. Mä se war sech net deem bewosst. Si wollte spueren mat der Motorsee e bëssen hei an esou weider. An duerno hu se gemierkt, datt se egal wat gemaach hunn. An du konnte se net komplett zrëckgoen an dunn ass een, zwee, dräi Joer laang negociéiert gi mat ONGen, déi vill Energie hu missen dran investéieren. An déi Energie hätt se anescht erschreckt besser kënne investéieren.

Dofir allgemeng, wann Der wëllt spueren, da passt ganz gutt op! An, wësst Der, spueren ass heiansdo och eng Aart a Weis, fir Suen duerch d’Fenster ze puchen.

Voilà. Mir sinn e bëssen embêtéiert. Wéi kann een dozou stoen? Et ass ëmmerhin zu engem Kompromëss komm mat ganz vill... Ech hätt d’Tendenz ze soen, ech géif mech enthalen, mir géifen eis enthalen. Mä mir wäerte schlussendlech derfir stëmmen. Mä mir sinn net frou iwwert déi Aart a Weis. A mengt net, datt dat e Succès war, well et war keen!

(Interruption)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Wagner. D’autant plus, la nuit porte conseil, vu dass mer muer ofstëmmen.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Ma vläicht ännere mer eis Meenung nach.

(Hilarité)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ech hoffen net, ech hoffen, dass Der gutt schlooft an dass Der muer dat maacht, wat Der haut gesot hutt.

Mir hunn elo den Tour gemaach vun de Kolleginnen a Kollegen Deputéierten. Ech géif dann elo der Regierung, dem Här Minister Romain Schneider, nach eng Kéier d’Wuert ginn, fir zu dësem Projet de loi och Stellung ze huelen. Här Minister, Dir hutt d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l’Action humanitaire*.- Merci, Madamm Presidentin. Ech bleiwen dann heiuewen. Ech hu schonn dacks genuch de Mëtteg de Wee op déi aner Säit gemaach. Ech wëll lech dann eng Kéier vun dëser Säit gesinn. Soss lech am Réck ze hunn, war natierlech och ganz agreabel.

Fir d’Éischt emol e grouse Merci dem Rapporteur fir engersäits säi schrëftlechen, awer och de mëndleche Rapport, virun allem och säin Engagement an dësem Projet. An ech mengen, en ass op déi eenzel Punkten agaangen, och op dee laange Wee vun dësem Projet. Dat muss een och eng Kéier gesinn: Mir sinn eng laang Zäit ënnerwee.

Ech wollt vläicht, an dat hëlleft vläicht deene Lénken, de Projet dann awer ze stëmmen, vläicht och der ADR nach, op engem Punkt op jidde Fall soen, datt ech dem David Wagner recht ginn, dee seet, datt dat heite wirklech e Projet ass, deen een net als Spuerplang ka bezeechnen. Hei ass ganz kloer en Zukunftspak, well hei ass e Projet, dee wirklech an d’Zukunft kuckt.

A wa mer dat doten 2014 diskutéiert hätten, wier et souguer eng aner Diskussioun wéi haut, well mer haut just eben och grad vun internationale Gremien ëmmer méi gesot kréien, datt et eng international Ausrichtung ass, an och grad d’Lëtzebuurger Politik souwuel vun der OCDE wéi och vun internationale Gremie gelueft gëtt fir déi Effikassitéit, fir d’Mëttele anzesetzen an dann op der Plaz och eng koordinéiert Virgeesensweis ze hunn. Duerfir muss ech soen, datt deen Accord, deen elo zustane komm ass zesumme mat den ONGen, effektiv e Schrëtt ass an d’Zukunft.

Et geet näischt am Budget verluer. De Budget fir d’ONGe bleift deeslewechen, et gëtt eng Emverdeelung an et gëtt méi effikass effektiv geschafft, méi effikass investéiert, engersäits an eis Partnerlänner, déi mer an den Entwëcklungslänner hunn. An op där anerer Säit ass et jo net esou, datt een all deenen anere Länner keng Subventionéierung gëtt! Och do

Sommaire des séances publiques n^{os}7 et 8

7^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 66
Communications	p. 66
Ordre du jour	p. 66-67

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°279 du 23 novembre 2017 de M. Max Hahn relative à l’augmentation du trafic aux heures de pointe sur le réseau routier luxembourgeois, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 67
- Question n°280 du 28 novembre 2017 de Mme Martine Hansen relative au versement des primes agri-environnementales, adressée à M. le Ministre de l’Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs p. 67
- Question n°281 du 24 novembre 2017 de M. Yves Cruchten relative à la direction du Fonds du logement, adressée à M. le Ministre du Logement et

- Question n°3474 du 23 novembre 2017 de M. Marc Lies relative au Fonds du logement, adressée à M. le Ministre du Logement p. 67-68

- Question n°282 du 28 novembre 2017 de Mme Martine Mergen relative aux délais d’attente pour une IRM dans les hôpitaux, adressée à Mme la Ministre de la Santé p. 68

- Question n°283 du 28 novembre 2017 de M. Claude Adam relative à l’état actuel et l’avancement des travaux de rénovation du château de Schoenfels, adressée à M. le Secrétaire d’État à la Culture p. 68

- Question n°284 du 28 novembre 2017 de M. Marc Spautz relative à la transposition de la réforme et de l’accord salarial de la fonction publique dans le secteur d’aides et de soins et le secteur social (SAS) et le secteur hospitalier (FHL), adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 68-69

- Question n°285 du 28 novembre 2017 de M. Roger Negri relative au renouvellement de la licence d’exploitation de l’herbicide glyphosate par le Conseil de l’Union européenne, adressée à M. le Ministre de l’Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs p. 69

- Question n°286 du 28 novembre 2017 de M. Roger Negri relative à la mise en service du radar de sol à l’aéroport de Luxembourg et au suivi du dossier de coopération avec la Deutsche Flugsicherung GmbH (DFS), adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 69

Question élargie n°26 de M. André Bauler au sujet des profils professionnels et de l’évolution des emplois dans l’économie créative p. 70

Question élargie n°25 de M. Henri Kox au sujet du bilan intermédiaire du «Klimapakt» avec les communes ainsi que des adaptations futures y relatives envisagées par le Gouvernement p. 70-71

Dépôt d’une motion par M. Laurent Mosar

Heure d’actualité du groupe politique CSV au sujet des résultats de la 23^e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques dite COP23 à Bonn p. 71-75

Message de M. le Président

7061 - Projet de loi modifiant certaines dispositions du Code de la sécurité sociale p. 75-76

7150 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 février 2016 portant création d’une école internationale publique à Differdange p. 76-78

7115 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel à la Convention relative au contrat de transport international de marchandises par route (CMR) concernant la lettre de voiture électronique, fait à Genève, le 20 février 2008 p. 78-79

7135 - Projet de loi relatif à la rénovation et à l’extension du Lycée Michel-Rodange à Luxembourg p. 79

8^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 80
Hommage à la mémoire de M. François Maroldt, ancien Député	p. 80
Communications	p. 80
Ordre du jour	p. 80

Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l’Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l’action humanitaire p. 80-82

Débat sur la politique de coopération au développement et de l’action humanitaire p. 82-94

Motion de M. Laurent Mosar relative à la crise humanitaire en République du Yémen p. 94

7143 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l’action humanitaire p. 94-96

bestee jo virun e Kofinanzement, deen nach ëmmer bei 60% awer läit.

A wat de Volet vun de Frais administratifs betrëfft, muss ee soen, datt mer effektiv hei 1% erofgaange sinn, do hutt Der recht, mä datt awer derniewent, wéi Der wësst, niewent deenen administrative Fraisen, déi ugerechent ginn, och nach pro Projet Frais administratifs kënnen ugerechent ginn. Och dat ass en neit Element, soudatt ech mengen, datt am Endeffekt och hei finanziell effektiv de Problem konnt minimiséiert ginn. Et war och ni geduecht, datt dat heiten ee Punkt vun engem Spuerprogramm sollt sinn. Dat war ganz kloer een Zukunftspakprogramm, ee Punkt, deen hei ënnert de Mesuren 29 an 30 ugefëiert ginn ass.

An ech mengen, ech sinn natierlech awer frou, datt mer zesumme mat den ONGen, mam Cercle vun den ONGen eng Eenegung fonnt hunn, well déi 93 ONGen, dat hu mer de Mëtteg schonn eng Kéier hei gesot, maachen eng exzellent Aarbecht um Terrain. An och eis Leit wäerte virun allem probéieren, an der Ëmsetzung eng Ënnerstëtzung nach méi konkret ze maachen, och esou wéi de Cercle des ONG eng individuell Hëllefstellung gëtt, virun allem un déi kleng ONGen. An hei gëtt jo ëmmer gesot, déi kleng ONGe krite hei manner Problemer och an Zukunft, Projeten ze bréngen. Mir gesinn, datt grad déi kleng ONGen déi

Projete maachen, déi am ausgeräifteste sinn an déi am beschte bei de Beneficiairen um Terrain ukommen. Duerfir mengen ech, datt dat heiten e richtige Schrëtt ass, fir méi Effikassitéit an eis Entwëcklungspolitik eranzekréien.

A wéi gesot, ech géif dann och Merci soen deenen eenzelne Fraktiounen fir d’Ënnerstëtzung. De Vott ass jo muer. An ech hoffen, datt déi eenzel Elementer derzou gefouert hunn, Ar Meenung ze konsolidéieren, soen ech emol esou, an op där anerer Säit vläicht deen ee Punkt bei der ADR erauszehuelen, fir ze soen: „Op deem Volet op jidde Fall krute mer eng kloer Antwert.“

Merci! An nach eng Kéier Merci der Kommissioun fir hir Aarbecht.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Villmools Merci, Här Minister. Villmools Merci lech alleguerten. Et war en intellektuelle Plesier de Mëtteg, fir lech all nozelauschten.

(Brouhaha)

Mir hunn alleguerte bestëmmt ganz vill bäigeleiert. Dofir soen ech: Et war ganz flott och fir mech heiuewen!

Mir sinn elo um Enn vun der Sitzung ukomm. Ech ginn lech alleguerte Rendez-vous muer de Mëtten ëm zwou Auer. Merci.

(Fin de la séance publique à 19.22 heures)